



Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten

schwätz mat!  
DENG MEENUNG ZIELT

# De Platte Knuet

N°1 2016-2017



Käler Avex



## Scouts Welcome Refugees

Gitt dir och aktiv!



## Scoutstechniken

Poster mat Kniet



## Wanterzäit

Iddie fir Aktivitéiten am Wanter



E e grouse Merci un eis Sponsoren

C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



LALUX est une marque du Groupe LA LUXEMBOURGEOISE

Votre nouvelle voiture, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté !

- Grâce aux formules 'Performance', 'Confort' et 'Sécurité', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels: rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

**easyPROTECT-Auto**, c'est votre choix de qualité ! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client

**lalux for you** sur [www.lalux.lu](http://www.lalux.lu)

**lalux - meng Versécherung**

## Editorial

Michèle Meyer Commissaire générale

Fränz Duhr Commissaire général adjoint



### Leif Memberen, Leif Elteren

Esou lues geet 2016 op en Enn, mee d'Scoutsjoer ass grad ugaangen. Déi éischt Formatiounen, ob Tronc Commun oder Stip, sinn eriwuer. Déi meescht Monteesweekender sinn och laanscht an deen een oder anere Wantercamp steet virun der Dier.

Iwwert de Wanter ass et traditionell méi roueg wat Aktivitéiten dobaussen ubelaangt. Dëst bedeit awer net, datt mir an ee Wanterschlof verfallen an am Fréijoer erëm waakreg ginn.

Wéi dir all wësst, lafen an eisem Verband vill verschidde Chantiere gläichzäiteg. Do wär zum engen de RAP, deen elo sou lues awer sécher an seng Endphase kënn. Déi lescht Punkte wäerten am Laf vun dem Scoutsjoer finaliséiert ginn an d'Resultat vun där viller Aarbecht kënn dir all um GolUrban kenneléieren.

Do wär ech dann och scho bei deem zweete ganz grouse Chantier: De GolUrban. An déser awer och an den nächsten Editioun vum Platten Knuet wäert dir ëmmer méi an nei Informatiounen zu deem groussen internationale Camp an der Stad kréien.

Ee weidere Chantier ass den Aarbechtsgrupp, deen sech mat de Statute befaasst. Hei gi ganz gutt Fortschréttler gemaach. Am Laf vun deem Joer wäert den Aarbechtsgrupp op verschidde Plätzen déi éischt Resultater presentéieren an Är Meenung froen, ganz nom roude Fuedem: Schwätz mat.

Eng lescht Saach, op déi ech wéilt agoen, ass de Projet: Scouts Welcome Refugees. Dëse Projet, ass duerch d'Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte finanziert ginn a gëtt zesumme mat der FNEL duerchgefouert. Vill vun eise Gruppen hunn sech an der Vergaangenheet engagéiert fir mat deene ganz ville Jonken, déi hei zu Lëtzebuerg ukomm sinn, flott Aktivitéiten ze maachen an duerch dës, hinnen e bëssen Ofwiesslung an hirem schwierigen Alldag ze bidden. Duerch dëse Projet kënnen Gruppen och elo e gewëssene finanzielle Support kréien. Weider Informatiounen fënnt dir an der Zeitung. Et sinn awer och nach déi eng oder aner gréisser Aktivitéite geplangt. Déi Infoe kommen am Laf vum Joer no.

Ech wënschen lech elo vill Spaass beim Liesen an Entdecke vun deem Platten Knuet.

D'Team wënscht lech an Äre Familien awer elo mol scho schéi Feierdeeg an en gudde Rutsch an d'Joer 2017, wou mir hoffen lech all um GolUrban ze gesinn.



## Invitatioun fir de Neijooschpatt



En neit Joer steet virun da Dier. Fir d'Joer 2017 gutt unzufänken, invitéieren d'Lëtzebuurger Guiden a Scouten an hier ONGD „Guiden a Scoute fir ENG WELT“ op hiren traditionellen Neijooschpatt. Dat ass eng flott Geleeënheet fir sech bei engem gemittleche Patt erëmgesinn. Dëst Joer kritt eise Patt awer en orientaleschen „Touch“. De Grupp Arche de Noé huet sech nämlech bereet erkläert eis kulinarisch Spezialitéiten aus dem Orient ze presentéieren.

Donneschden, den 12. Januar ëm 19 Auer an der Géisserei  
Bescht Gréiss,  
D'Team

P.S.: Vergiesst net, lech op [umeldung@lgs.lu](mailto:umeldung@lgs.lu) unzemellen. Macht w.e.g. just ee Mail pro Grupp. Well Parkplazen limitéiert sinn, kommt w.e.g. mat engem Auto oder mam Bus.

# Wikinger Elche an Dänemark

Mierscher Avex um Camp

Mir sinn den 1. August géint hallwer 11 an Dänemark ukomm. Mir haten +/- 12 Stonnen am Bus hannert eis. Mir waren zimlech frou, aus dem Bus ze klammen a mir haten eng déck cool Campplaat mat engem Séi, grouss Wiss, vill Beem ronderëm a mir hate vill Feierholz zu Verfügung. Eise Grupp huet, wéi all Joers, eng déck cool, confortabel a praktesch Kichen opgebaut, op där mir all Dag gekacht a giess hunn. Mir konnten och Kanu fueren, op engem grouss Séi, dee mega nice war. Ech als Reporter hunn ee Matscout aus menger Patroll interviewt:

1. Fro: Wéi hues du de Camp insgesamt fonnt?

De Camp war déck nice mat enger cooler Campplaat. Ech selwer hu fonnt, dass eng gutt Stëmmung um Camp war.

2. Fro: Wéi hues du d'Sortië fonnt?

Et waren déck cool Sortien. Och wou mir an enger déck cooler Stad shoppen waren an awer och am Lalandia, niewent dem Legoland, war et mega. Déi Sortië wäert ech net sou schnell vergiessen. Am Lalandia (Waasserpark) gouf et déck cool Rutschen an een Triichter.

3. Fro: Wat sees du de Cheffen?

Si waren zimlech chill, obwuel se vill organiséiere mussten (Hike, Sortien, ...) An si mussten sech och net opregen iwwert eis Avex.

4. Fro: Wéi hues du den Hike fonnt?

Fir mech war et net ze schwéier. Mir sinn am ganzen 52km an 3 Deeg gaangen. Dat ass och e bëssen, mee an Dänemark ass alles flaach, dat heescht, et sinn keng Bierger do, nëmmen Hiwwelen an dofir war et och net sou schwéier.

5. Wat sees du dozou, dass mir an Dänemark waren?

Ech war frou, wou ech dat héieren hunn. Well mer soss meeschtens net sou wäit ginn, wéi Dänemark. Ech selwer war nach ni hei an dofir war et fir mech mega cool eng nei Kultur kennenzelieren, an och wou mer an der Stad akafe waren, dat ass ëmmer e bëssen anescht wéi zu Lëtzebuerg.

Mir sinn all gesond a monter den 12. August zu Lëtzebuerg ukomm. A mir si frou, dass näischt Dramatesch um Camp geschitt ass. Jidderee war e bëssen traureg, dass mer aus Dänemark zeréckkoumen an awer och frou rëm doheim ze sinn.

**Jeff Hoffmann (Avex vum Grupp St. Michel Miersch)**



# Summercamp am Fënsterdall

YGGDRASIL'2016

Den 20. Juli 2016 si mär (Käler Explorer) am Fënsterdall op eiser Camplatz ukomm. Direkt hu mär eis Zelter opgeriicht an d'Kichen opgebaut. An dëser mega Hëtzt si mär bal futti gaangen.



Den 2. Dag hunn eis al Explorer, déi d'nächst Joer an d'Pionéier ginn, eis eng „Super-Bon-Construction“ opgebaut. Dëst ass e Gestell aus 2 Trépiiden wou mateneen verbonnen sinn. Dorop gëtt gespult, Saachen fir ze dréchenen opgehaangen, an Duschen befestegt. All Dag benotzen mär eis „Construction“ fir ze spullen, well dat ass schliesslech eng wichteg Charge. A Propos Chargen: All Dag hat eng Patroll eng aner Aufgab: Spullen, Dësch decken/ofraumen, Feier maachen, Kachen, Campplaat raumen, Dixi botzen, Feierholz maachen...

Den 3. Dag war d'Virbereedung vun eisem Hike. Mat engem klengen Rucksak si mär 6km duerch an ronderem den Fënsterdall getréppelt, a konnten dobäi vill Interessantes entdecken. De Rescht vum Dag hu mär eis Chargen gemaach an owes hu mer en gudden Schnitzel giess. Mär sinn och méi fréi an d'Bett gaangen well 2 Deeg Hike virun eis stoungen.



HIKE: Reportage par Thomas

Le Hike était un long chemin, avec des descentes et des pentes. Nous devons trouver des parties d'autres cartes en chemin pour connaître le bon chemin. Je m'appelle Thomas et avec mes meilleurs amis : Alex, Ketti, Yana, Mara, Laure, Julie (le chef de notre équipe) et Pit on était en route pour deux jours. Pour la première carte on a marché cinq kilomètres, pour la deuxième 6 kilomètres et pour la troisième quatre kilomètres.

Il faisait 30° au soleil dehors. Nous avons portés notre sac pendant plus que cinq heures. Pour dormir on s'arrêtait sur un grand Camping. Nous sommes arrivés tout épuisés. Le soir nous avons mangés des cheeseburgers, et nous avons joués à Loup-Garou. Après nous avons dormis sous une tarpe.

Le lendemain matin nous avons mangés des croissant, après nous avons repris le long chemin, avec des pentes et 28°. Quand nous sommes arrivés au Camp on devrait se préparer pour la piscine. Dans la piscine il y avait un parcours drôle.

Den 6. Dag si mer nees wéi gewinnt an den Zelter op der Campplaat erwächt, an „Raumen“ woar ugesot: D'Zelter goufen eidel gemaach an alles gouf op eng grouss Plane geluecht. Wéi dann alles geraumt an gebotzt war, ass et nees an d'Zelter geluet ginn, vun deenen mer der zwee hunn. Duer no gouf d'Holz gesammelt, kleng gemaach an et gouf gekacht. Mëttes hate mer eng grouss Aktivitéit, an zwoar en Wikingertourneier, bei deem eis zwou Equipen „Maori“ an „Braveheart“ géiteneen ugetrueden sinn. Team „Braveheart“ huet gewonnen an krut en Sportspins iwwerreecht. Owes gouf et en Nuetsspill.



Den 7. Dag ass et moies scho fréi lassgaangen. Mär goufen um 7:30 erwescht. Do hu mär eis prett gemaach fir op eisen Ausflug op den Stauséi. Dohannen ukomm, hu mär eis ugedoen fir mam Kanu fueren ze goen. Mer kruten e puer Uweisungen, a schons ass et lassgaangen. Um Stauséi hu mer e puer Spiller gemaach, wéi z.B. d'Plaatzen am Kanu wiesselen, mam Kanu 360° dréinen... Wat eis awer am beschten gefall huet, war den „Waasserfall“ an dass mer am Stauséi schwammen konnten. Et woar e Mëtten mat vill Spaass, a mär hu vill gelaacht an gepaddelt.

Den 8. Dag konnte mer mol nees richtig ausschlofen, also bis 9:00 Auer. Uschléissend hu mer gutt Kaffi gedronk. Duerno hu mer du mat de Chargen ugefaangen, an eisen gudden Felix huet säi Rechercheuween ugefaangen. Hien huet dësen Uewen extra mat op de Camp bruecht. Hei hu mer Feier dra gemmaach a mussten dat 8 Stonnen goe loosser. Hei hu mer reegelméisseg Holz missen noleeën. Mëttes hu mer all un engem Grëff vun engem Opinel-Messer geschnëtzt. Hei koumen ganz schéin Saachen dobäi eraus. Nodeems mer owes giess hunn, hu mer eng laang Partie „Loup-Garou“ gespillt.

Den 9ten Dag si mer nees fréi opgestanen fir mam Bus an d'Staad ze fueren. Dohannen ukomm hu mer eis a 5 Equipen opgedeelt a konnten iessen goen, akafen...um 13:30 woar nees Rendez-vous mat eisen Chef. Dunn hu mer eng Visite guidée gemaach vun den Kasematten. Duerno hate mer nach eng Stonn Fräizäit iert mer den Bus zeréck op eis Campplaat geholl hunn.



Den 10ten Dag ass alles nees agepak ginn, an eis Campplaat woar schon mueres ganz eidel. Domat ass e ganz flotte Campéng fir eis op en Enn gaangen, an um 12:00 Auer koumen eis Elteren eis erëm am Fënsterdall sichen.

**Mara, Pit, Thomas, Laure**



**ROIHU 2016**  
FINNJAMBOREE VII



Bieles, Belval, Houwald,  
Réiserbann, Jonglënster  
70 Leit aus Lëtzebuerg



Wj j kajak fueren

# Gamma-Scouten

feat. Young Caritas



Young Caritas ass ee Service vun der asbl Caritas Jeunes et Familles a mir bidden jonken Leit eng Plattform mat ville Méiglechkeeten, sech benevole ze betätigen. Sou kënn et och, dass mir eng ganz Rëtsch ënnerschiddlech Projeten offréieren. Jonker engagéieren sech bei eis souwuel an de Kolonien zu Lëtzebuerg, wéi och am Ausland, am Jugendtreff Moskito an der Stad op der Gare, beim Spillmobil, wat uechtert ganz Land ënnerwee ass an natierlech och bei engem vun deene sëllege Projets Solidaires, wou mir si ënnerstëtzen selwer aus eegenen Iddien een konkrete Projet ze maachen.

Fir dass eis Benevole flott an ofwiesslungsräich Aktivitéite plangen an duerchféieren kënnen, wëlle mir hinnen e gudde Start erméiglechen. Mir bidden méttlerweil all Brevet vum Animateur, vun A bis E, un. Do kréien si souwuel een Deel theoreteschen Know How mat op den Wee, wéi och Méiglechkeet éischt Erfahrungen a villfältege Beräicher ze sammelen.

Op ville vun eise Kolonien an Aktivitéiten huelen och Kanner a Jugendlecher mat enger Beanträchegung deel. Domadder eis Moniteuren hei e bëssen drop virbereet sinn, fënnt en Deel vun dëser Formatioun zesummen mam Grupp Pierre d'Aspelt "Gamma-Scouten". Dëst ass fir eis jonk Moniteuren oft déi éischt Méiglechkeet, wou si Erfahrungen an dësem Beräich sammelen an inklusiv schaffen. Och Beréierungsängscht ginn hei ofgebaut.

Mir verstinn ënnert Inclusioun, dass eis Aktivitéiten engersäits fir jiddereen oppen sinn (Mënschen mat enger Behënnerung, sozial benodelegt Kanner, Flüchtlingen ...) an anerersäits wëllen mir och ganz bewusst ënnerschiddlech Leit zesummenzeféieren. An dëse Situatiounen striewe mir een ureegenden Austausch un, wou een vun deem aneren léiere kann an et eng Beräicherung fir jiddereen duerstellt.

Am Grupp Pierre d'Aspelt - Gamma vun der LGS, mat Wëllefcher an Avex, kënnen Kanner an Jugendlecher mat engem staarke kierperlechen oder geeschtegen Handicap, Moos geschneidert Scoutsaktivitéiten erliewen. Eng flott Owesveillé, en Atelier fir eppes ze kniwwelen, grouss Spiller dobaussen, jo souguer zesummen am Zelt schlofen ... alles wéi an all aner Scoutstrupp, just dass et eben op d'Fähigkeeten an besonnesch Besoine vun dëse Kanner an Jugendlechen adaptéiert gëtt.

Um Formatiounsweekend vum Brevet C fir Animateuren vun Young Caritas geet et, no engem kuerzen theoreteschen Deel, wou mir op déi verschidde Behënnerungen, Ursaachen an Auswierkungen aginn, weider mat prakteschen Beispiller. Wie weess wéi een e Rollstull eng Trap rop hëllt, Hëllefsmëttel wéi Handschinn oder Korsetlet undeat a wéi gi Spiller adaptéiert, eng Aktivitéit ëmmodeléiert, en Atelier ugepasst?

Während deenen zwee Deeg koom dann och dat praktescht Ausprobéieren net ze kuerz. Am Virfeld si Besonneschkeeten vun den Gamma-Scouten souwéi déi praktesch Detailler vum Oflaf nach tèschen den Gamma-Chefen an den Animateuren vu Young Caritas beschwat ginn. Du war et awer un hinnen fir sech auszeprobéieren an si hunn souwuel eng Owesveillé duerchgefouert wéi och en grousst Mëttestpill animéiert.



Chefekipp vum Grupp Pierre d'Aspelt

Mat e bëssen Uleedung ass et hinnen guer net esou schwéier gefall *Spilliddien unzepassen souwuel un déi kierperlech wéi och geeschteg Fäegkeete* vun den Gamma-Scouten. Sou grouss sinn d'Ënnerscheeder fir Animatiounen fir en Grupp validen Kanner an Jugendlechen zu den Gamma-Scouten guer net. Ganz villes wat eis benevole Animateuren schonn geléiert haten an aneren Aktivitéiten ausprobéiert hunn, konnt hei och agesat ginn.

Säit elo schonn 3 Joer gëtt et dës Zesummenaarbecht zwëscht den Gamma-Scouten an Young Caritas. Mir erliewen ëmmer rëm, dass eis Leit an der Formatioun iwwert sech erauswuessen. Si hu ganz séier den Trick eraus, wéi een flott an ugepassten Aktivitéiten fir Kanner an Jugendlecher mat Beanträchegung plangen an duerchféieren kann. Och wann duerch déi ageschränkt Mobilitéit oder eng geeschteg Behënnerung vun den Gamma-Scouten am Ufank villäicht e puer Hemmungen bestanen hunn, dann ginn dës awer séier wett gemeet duerch d'Freed an Motivatioun fir iwwerall matzemaachen vun de Kanner an Jugendlecher.

Wann een am Virfeld de Chalet souwéi den Terrain fir Spiller e bëssen geschéckt eraussicht, seng Scouten kennt mat allen hiren Egenaarten, dann ginn et *keng Grenzen fir och hei flott an typesch Scouts-Aktivitéiten* unzibidden.

Merci un all Gamma-Scouten, Kanner, Jugendlecher an hier Chefen, dass eis Animateuren all Joer bei lech esou gutt opgeholl ginn an hei wäertvoll Erfahrungen kënnen maachen. Do verwonnert et jo och net, dass et ëmmer méi Leit ginn déi sech esouwuel bei Young Caritas wéi och bei de Gamma-Scouten engagéiere wëllen.



Well „Zäit ze verschenken“ villerlee Gesichter huet, kanns Du dech gärten bei den Gamma-Scouten oder och Young Caritas mellen:

[www.gamma-scouten.jimdo.com](http://www.gamma-scouten.jimdo.com)

Kontakt Wëllefcher: Marc Molitor molitor.marc@yahoo.com, 691 817 027  
Kontakt AvEx: Marie Degée tel: mdegee@hotmail.com, 26 65 24 99

[www.youngcaritas.lu](http://www.youngcaritas.lu)

Kontakt info@youngcaritas.lu, 36 74 68 - 1

Zitater vun den Animateuren:

Amandine: „Besonnesch beréiert huet mech den Attachement vun de Kanner, déi engem schonn no engem Weekend un Häerz wuessen“

Axel: „Beréiert huet mech d’Affektioun déi d’ Kanner fir verschidden Leit weisen“

Axel: „Bei den Aktivitéite muss een méi präzis erklären, eventuell virweisen an och den Schwierigkeetsgrad upassen“

Amandine: „Et dierf een Beréierung net fäerten an muss een op d’Kanner zougoen“

Camy: „Sidd net schei an fäert Proximitéit net“

Noémie: „Besonnesch beréiert huet mech, wéi frou d’Kanner sinn an wéi vill Spaass si am Liewen hunn“

Nathalie + Taz

Formatricen bei Young Caritas

## NEIE CHALLENGE

Du bass oder wëlls gärten Chetaine/Chef ginn, hues allerdengs wéinst schoulesche respektiv berufleche Verpflichtungen net all Woch d’Méiglechkeet an engem Grupp eng Versammlung ofzehalen.

Du bass awer motivéiert, wëlls weiderhin aktiv bäi den LGS bliewen an häss all 6-7 Wochen Zäit op ee Weekend matzagoen.


Dann mell dech w.e.g bäi de Gamma.

Mir brauchen dringend nei Cheftainen a Chef fir eisen Wëllef an Avex och weiderhin flott an attraktiv Weekender kënnen unzibidden.

Gruppecheftaine: Marie Degée, Tel.:26 65 24 99

Gruppechef adjoint: Marc Molitor (Mini), Tel.: 691 817 02

# Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur [www.bil.com](http://www.bil.com) ou en agence.

Retrouve-nous sur



Cette offre est soumise à conditions.  
Renseignements sur [www.bil.com](http://www.bil.com) ou en agence.

Vous avant tout



BANQUE  
INTERNATIONALE  
À LUXEMBOURG

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 [www.bil.com](http://www.bil.com)

## BiberMud

20 Joer Biberbranche

Den 18. Juni hunn ronn 130 Kanner sech op de Wee op d'Neihaischen gemeet fir um BiberMud 2016 deelzehuelen. Zesummen hu sie dem Biber Robin gehollef de Bësch ze retten an de Bau vum Architekt sengen Luxushaiser ze verhënnere. ©



## Absurdcup

zu Miersch

Et waren 14 Truppen, ronn 100 Avex  
18 Ekkipen trotz dem ville Reen do.  
1 Plaz d Schlickboyz vum Cents  
2 Plaz Déi vu Mierscheldeng vu Miersch  
3 Plaz Pumukel on fleek vu Miersch





# HAITI

Virun 2 Joer hunn d' Staffen ugefaangen, d'Odyssee 2016 ze plan-  
gen.  
Um Lancement 2015 hunn sech dunn di 5 Projetsgruppe fonnt an  
d'Preparatioun konnt richteg lass goen.  
No ville Weekender an Treffen ass et dunn an der grousser Vakanz  
lass gaangen. 140 Leit, 100 RaRo a 40 Leit Staff hunn sech op  
de Wee an Äthiopien, Bosnien, Brasilien, Georgien an op Haiti ge-  
mach.  
D'Projeten sou duerchezéien, wi mir se preparéiert haten, wor  
net ëmmer einfach an et ass vill Flexibilitéit a Spontanitéit vun  
ons verlaangt ginn. Mee schlussendlech sinn di 5 Projete gutt  
gelaan an et wor fir jiddereen, deen dobäi wor eng eenzegaarteg  
Erfahrung.

Dat wichtegst Zil vun den Odyssee Projeten ass de kulturellen  
Austausch ënnert lokalen a lëtzebuergesche Guiden a Scouten.  
Et si vill nei Frëndschaften op deene 5 Camp Chantiere geschloss  
ginn a mir feeën ons schonn op di next Odyssee.  
Mir soen alle Leit villmools MERCI, di ons während der ganzer  
Odyssee 2016 ënnerstëtzt hunn.  
Fir d'RaRo Ekippen an di 5 Campcheffen,  
Anne Blau

De ganzen Odyssee Grupp seet all deene Gruppe villmools MERCI,  
fir hier Ennerstëtzung vun de 5 Projeten.  
MERCI un d'Gruppen: Cents, Réimech, Wuermer, Suessem, Ettl-  
bréck, Walfer, Déifferdeng



# ÄTHIOPIEN



# BOSNIEN



# BRASILIEN



# GEORGIEN



## Was ist das?

GolUrban ist ein riesengroßes Camp mitten in Luxemburg, wo auch ganz viele Kinder und Jugendliche aus anderen Ländern dabei sein werden. Am Anfang vom Camp gibt es eine große Eröffnungsfeier und am Ende die Abschlussfeier. Genau dazwischen ist der Besuchertag, an dem eure Familien und Freunde kommen und sich das Camp anschauen können. Das Camp soll wie eine eigene kleine Stadt funktionieren, das heißt, ihr werdet zusammen mit euren Freunden im eigenen Stadtviertel schlafen und könnt euch dann jeden Tag ganz frei aus verschiedenen Bereichen raussuchen, was ihr machen wollt.

## C'est quoi ?

GolUrban 2017 est un gigantesque camp organisé au Luxembourg, auquel vont aussi participer beaucoup d'enfants et d'adolescents venus d'autres pays. Au début du camp, il y aura une cérémonie d'ouverture et à la fin une cérémonie d'adieu. A mi-parcours, une journée entière sera réservée aux visiteurs : votre famille et vos amis pourront donc venir vous voir et visiter le camp.

GolUrban fonctionnera comme une petite ville : avec vos amis vous dormirez dans des « quartiers » et tous les jours vous pourrez choisir des activités dans différents domaines et décider ce que vous voulez faire.



## Und wenn wir fertig sind, gibt es was zu essen?

Ja, natürlich. Bevor die Aktivitäten um 10 Uhr losgehen, könnt ihr in Ruhe frühstücken. In der Mittagspause habt ihr euer Lunchpaket und abends werdet ihr lecker bekocht, bzw. die älteren Pfadfinder können sich dann selbst versorgen. Das Essen bekommt ihr in unseren Camp-Supermarkt. Unser Partnerlieferant Cactus versorgt euch dort mit allem, was ihr braucht.

## Et après on aura à manger ?

**Ne vous en faites pas, vous ne mourrez pas de faim ! Avant les activités, qui débutent à 10.00 heures, vous aurez le temps de prendre votre petit déjeuner. Pendant la pause-déjeuner, vous mangerez le pique-nique que vous aurez emporté et le soir on vous servira un repas chaud, ou si vous faites partie des grands, vous ferez vous-mêmes votre popote en équipe.**

**Les marchandises proviendront du supermarché installé à même le camp, où notre partenaire Cactus vous fournira tout ce dont vous aurez besoin.**

## Aber wir haben doch auch noch Freizeit, oder?

Aber klar. In eurer Freizeit könnt ihr auch verschiedene Aktivitäten machen oder einfach das Leben im Camp genießen. Es gibt viel zu entdecken und viele neue Freunde, die ihr kennenlernen könnt.

## Mais on aura aussi des loisirs, non ?

Mais bien sûr ! Pendant votre temps libre, vous pourrez encore faire des activités ou juste profiter de la vie de camp. Vous verrez, il y a tellement de choses à faire et beaucoup de nouveaux amis à rencontrer.

## Ich weiß schon, was ich machen will!

**Aber wo muss ich dann hin, wenn ich mich entschieden habe?**

Dafür gibt's das sogenannte Job-Center. Das ist ein großer Computer, in dem alles gespeichert ist, was ihr während dem Camp machen und wo ihr teilnehmen könnt. Da sucht ihr euch einfach am vorherigen Tag eure Lieblingsaktivität raus und meldet euch dafür an. Eure Chefs helfen euch dabei auch sicher gerne.

## Je sais déjà ce que je veux faire .

**Mais comment savoir où aller si j'ai fait mon choix ?**

C'est simple, il suffit de s'adresser au Job-center. C'est un ordinateur gigantesque, dans lequel sont enregistrées toutes les activités auxquelles on peut participer pendant le camp. La veille, vous choisissez votre programme préféré et vous vous inscrivez. Bien sûr, vos chefs sont tout prêts à vous aider pour l'inscription.

### Wow, das hört sich ja cool an. Was für Bereiche sind das denn?

Es gibt im Grunde fünf große Hauptbereiche. Es gibt zum Beispiel den Bereich GoSocial, bei dem ihr mit anderen Kindern und Jugendlichen etwas zusammen als Team bauen oder erreichen könnt. Dabei lernt ihr natürlich auch Kinder und Jugendliche aus den anderen Ländern kennen und könnt herausfinden, wo und wie sie leben und was es in ihren Ländern alles gibt.



### Wow, c'est cool ! Et de quels domaines s'agit-il ?

Il y a cinq domaines principaux. Dans celui appelé GoSocial, vous pourrez par exemple vivre et travailler en équipe, afin d'atteindre et de construire quelque chose en commun. Cela vous permettra de rencontrer des enfants et des adolescents venus d'autres pays, vous découvrirez où et comment ils vivent et quelles sont les particularités de leurs pays respectifs.



Neben diesen fünf Bereichen gibt es aber natürlich auch noch einen Hike, verschiedene Besichtigungsausflüge im Land und vieles mehr.

Et bien sûr, à côté de ces cinq domaines, il y aura aussi un Hike ( une grande randonnée avec bivouac), des visites et bien d'autres activités encore.

Beim GoMind&Spirit ist es dagegen eher etwas ruhiger. Hier geht es darum, dass ihr euch Gedanken über unterschiedliche Glaubensrichtungen und verschiedene Meinungen macht und euch eure eigene Meinung bilden könnt.



GoMind&Spirit comporte des activités plus calmes. Ici vous réfléchirez aux religions, vous discuterez différentes opinions et vous développerez votre esprit critique.

Beim GoAdventure könnt ihr dann richtig loslegen und ganz viele spannende Spiele und Abenteuer drinnen oder draußen in der Natur erleben. Es gibt immer was Neues zu entdecken und auszuprobieren.



GoAdventure vous permettra de vous défouler, de faire des jeux et de vivre des aventures à l'intérieur ou en pleine nature. Il y aura toujours quelque chose à découvrir et à tenter.

Auch beim GoCreative könnt ihr euch voll austoben, diesmal im kreativen Bereich. Das heißt, ihr könnt Dinge ausprobieren, erforschen und ganz einfach selbst basteln und herstellen. Und wer will, kann auch mithelfen das Programm für das Camp zu gestalten.



GoCreative vous donnera l'occasion de développer vos talents et votre créativité. Vous pourrez expérimenter, bricoler, fabriquer des choses nouvelles. Et si vous le désirez, vous pourrez même contribuer à l'organisation du programme.

Beim GoNature könnt ihr zum Beispiel im Native Village in Neihaischen ganz viel über Naturvölker und wie sie in und mit der Natur gelebt haben, lernen und natürlich auch alles selbst ausprobieren. Ihr könnt auch neue spannende Dinge lernen, wie etwa Feuer machen, mit Lehm Figuren formen und schnitzen. Außerdem gibt es einen richtigen Bauernhof auf dem Camp mit Kaninchen, Hühnern, Schweinen, Schafen und sogar Pferden und Kühen. Und diese Tiere könnt ihr hautnah erleben, sie streicheln, euch um sie kümmern und zum Beispiel aus der frischen Kuhmilch selbst Käse machen.



GoNature vous emmènera au « Native village » à Neuhäusgen où vous recevrez beaucoup d'informations sur les peuples soi-disant primitifs et leur manière de vivre en harmonie avec la nature. Vous apprendrez plein de choses passionnantes, comme faire du feu ou fabriquer des objets en terre cuite ou en bois. Il y aura même une vraie ferme avec des lapins, des poules, des cochons, des brebis, des vaches et des chevaux. Vous pourrez caresser ces animaux, vous occuper d'eux et fabriquer vous-même votre fromage.

Toll, ich will auf jeden Fall dabei sein!  
Das ist ganz einfach. Sprich mit deinen Chefs und meldet euch an. Nähere Infos gibt es unter [www.GoUrban.lu](http://www.GoUrban.lu)

Génial ! Je veux absolument y aller !  
Rien de plus simple. Adresse-toi à ton chef qui t'inscrira. Et si tu veux en savoir davantage, tu peux toujours consulter notre site [www.GoUrban.lu](http://www.GoUrban.lu)





De GoUrban 2017 ass DE Camp zu Lëtzebuerg fir souwuel aner lëtzebuerger wéi och auslännesch Scouts-gruppe kennen ze léieren an esou nei Frënn fir d'Liewen ze fannen. Fir d'Waardezäit bis de Camp ze verkieren, lancéiere mir elo ee grouse Concours - de „GoIMovie“

Un dësem Concours kënnen souwuel lëtzebuergesch, wéi och auslännesch Scoutsgruppen deelhuefen. **All Branche/Grupp soll sech dobäi Gedanke maachen, wat si/hien sech ënnert dem GoUrban virstellt an e Kuerzfilm vu maximal 30 Sekonnen doriwwer dréien.**

Dës Kuerzfilmer ginn, soubal se ageschéckt goufen, op Facebook (facebook.com/GoUrban2017) publizéiert. Déi Branche (resp. Grupp), deenen hire Film bis den **16.07.2017** déi meeschten „Likes“ op onser Facebooksäit huet, gewënnt een exklusiv Grillweng um Camp. Ausserdeem wäerte verschidde Videoen fir weider PR Aktiounen virum, während a nom GoUrban benotzt ginn.

Aschécke kënnt dir är Filmer op [web@GoUrban.lu](mailto:web@GoUrban.lu)

Denkt w.e.g. dorun den Accord vun den Elteren ze froen, falls dir d'Kanner mat filmt.  
*Folgend Froen – Stéchpunkten kënnen iech dobäi hëllef Iddien ze fannen.*

Wat ass fir dech de GoUrban?

Wat wëlls du do erliewen?

Firwat soll een onbedéngt um GoUrban deelhuefen?

5 Beräicher: GoAdventure, GoCreative, GoMind&Spirit, GoNature, GoSocial

Partizipativ- nohalteg - oppen - ganzheetlech

Weider Infoe fënns du op <http://GoUrban.lgs.lu/concept/>

## WANTED !

Du bass nach net um GoUrban engagéiert (oder dach)  
Du wëlls just een Dag hëllef kommen (oder méi)  
Du hues eng flott Amicale oder Albatrossekip (oder och net)  
Dir hutt eng Kach- oder Spill-Spezialitéit (oder och net)  
Du bass extra motivéiert (oder... nach vill méi)

Dann ass deng Plaz garantéiert um OpenDay vum GoUrban !

All fräiwëlleg Hänn si wëllkomm fir Sonndeg, den 23. Juli, um OpenDay ze hëllef, déi 15.000 Visiteuren ze bekäschtegen an z'animéieren. Mir si frou iwwert all Propose, déi dir matbréngt (z.B. äre Grupp huet en extrat Kiermesspill, dir sidd en agespillten Team fir Wraps oder Eisekuchen ze maachen, är Amicale ass full-ekippéiert fir e Fierkel ze grillen etc). Och wann dir näischt Ähnlechtes ze bidden hutt, an awer eng Hand mat upake wëllt, da mellst iech als Ekip oder als eenzel Persoun op [openday@gourban.lu](mailto:openday@gourban.lu) ; e Comptoir, e Grill oder eng Kees wäert ëmmer iergendwou op iech waarden.

Cécile Degée  
David Luty  
Georges Rotink

## (Internationale) Staff (I)ST an alle Beräicher gesicht

Wollts du schonn ëmmer eng Kéier Deel vun engem grouse Guiden- a Scoutscamp sinn?

Wësse firwat sech weltwäit Millioune vu Leit fir de Scoutissem begeeschteren?

Oder einfach rëm e kleng Revival bei de Guiden a Scouten erliewen?

Dann ass elo de Moment fir dech als Staff fir de GoUrban 2017 ze mellen.

Ob Elteren, Amicale, Albatross oder och kompletten „Neuling“, jidderee ka matmaachen.

Ob e puer Stonnen, puer Deeg oder Wochen, all Ënnerstëtzung ass wëllkomm.

Ob beim Programm, an der Administratioun oder der Logistik,

iwwerall ginn nach Leit gesicht.

Umelle kanns du dech iwwer <https://join.GoUrban.lu>

A Falls nach Froe sinn kanns du dech






iwwert [info@GoUrban.lu](mailto:info@GoUrban.lu) mellen.




# Pistenzeechen

Ech kann enger Spuer nogoen








Pistenzeechen si bal eppes wéi eng geheim Sprooch vun de Guiden a Scouten. Schonn de B.P. huet se benotzt an an sengem éischten Buch gewissen.

-  Gitt dësem Wee no.
-  3 Schrëtt vun hei ass e Bréif verstoppt.
-  Net an dës Richtung goen.
-  Ech sinn heemgaangen.
-  Ënnerschrëft vun der Patrull Kueb vu London 15



Dës Zeechen kann een benotzen fir e Wee kloer ze zeechen. Sou kann een, deen dës Zeechen kennt, engem Wee nogoen, deen een aneren oder eng aner Grupp virun him gaangen ass. Ween dës Zeechen awer net kennt, bemierkt se dacks emol net.

Am Pistebichelechen vun de Wëllefcher sinn déi wichtegst Zeechen dran.

-  An dës Richtung goen
-  Mir hunn eis opgedeelt (3 no léns, 2 no riets)
-  Net an dës Richtung goen
-  10 Schrëtt vun hei ass e Bréif verstoppt
-  Hei 5 Minutte waarden
-  Gefor!
-  Ech sinn heemgaangen

All Ruddel kann awer och selwer nei Zeechen erfannen a benotzen. Wichtig ass just, dass jiddereen all Zeechen, wat benotzt gëtt, gutt kennt.

Fir Zeechen ze leeën, kann een all méiglecht Material benotzen, awer am beschten Material aus der Natur! Äscht, Steng oder Dänenzaapen fënnt een gutt ënnerwee.



Och flott sinn Zeechen aus Kräid, Strécher, aus Miel oder Ficellen. Fir en Nuetspill kann ee kleng Reflektoren benotzen, déi zeréckstrahlen, wéi e Kaazenan, sou bal d'Liicht vun enger Täscheluucht drop fält.




## Hei nach e puer Tipps:

- Keng Zeechen leeën, déi fortfléien kënnen



- Keng Zeechen op en Objet maachen, deen sech bewegen kann.
- Oppassen, dass och wierklech op all Kräizung eng Markéierung ass.
- Markéierungen ëmmer op de Bord vum Wee leeën, en Vëlofuerer oder Foussgänger kéint driwwer falen oder d'Markéierung, ouni ze wëllen, zerstéieren.
- Feiler léiwer hannert eng Kräizung op de richtege Wee leeën, wéi virun eng Kräizung.
- Oppassen am Reen, Zeechen aus Kräid oder Miel kënnen ofgoen!
- Zeechen leeën, déi eendeiteg ze erkennen sinn.
- Wann een sech net méi sécher ass, wou de Wee hi geet, bei dat lescht Zeechen zrëckgoen.

*De Schatz ass um Punkt A verguewen. Hues dee fonnt?*



Hei ass eng kleng Übung. Du muss de Schatz fannen, deen entweder um Punkt A oder B verstoppt ass. Du fänks beim roude Punkt un, vun hei aus méchs du den 1. Schrëtt, de kleng schwarze Punkt weist, d'Richtung, wou deng Nues ass. Du gees bis den nächste Krees, do fënns du dat nächst Zeechen 2. Schrëtt. Du gees weider bis den nächste Krees, hei fënns du dat nächst Zeechen 3. Schrëtt asw...




Riichtaus goen	léns goen	riets goen
1. Schrëtt	6. Schrëtt	11. Schrëtt
2. Schrëtt	7. Schrëtt	12. Schrëtt
3. Schrëtt	8. Schrëtt	13. Schrëtt
4. Schrëtt	9. Schrëtt	14. Schrëtt
5. Schrëtt	10. Schrëtt	15. Schrëtt

No all Aktivitéit ginn eis Zeechen natierlech all erëm ewechgeholl. D'Äscht ginn op d'Säit geluecht a Ficellen erofgeholl. Et gesäit net gutt aus, wa Joren no engem Spill nach Reschter dervun doruechter hänken.

Vill Spaass op ärem Wee!



# Afefauscht



# Frëndschaftstut

Eng Iddi fir Chrëschttag  
vun de Sandweiler Guiden a Scouten

Am Advent oder em Chrëschttag, wann et dobausse méi fréi däischer gëtt, a wann et doheem an der Stuf schéi gerecht ass, dann hues du villäicht einfach Loscht méi dobannen ze sinn, an et dir mat denger Famill oder engem Frënd oder Frëndin gemittlech ze maachen. Du hues villäicht Loscht op Kichelcher déi's du selwer gebak hues, oder lies a Rou eng Geschicht.

Hei eng Iddi, wéis du, mat enger „Frëndschaftstut“ wou selwer gebaakte Kichelcher, eng flott Geschicht, eng Käerz, e Téisäckelchen dra sinn, engem eng Freed kanns maachen.

- Huel eng wäiss Tut aus Pabeier a mol op déi eng Säit mat Faarwen e flott Bild drop.
- Sich dir aus engem Buch eng Geschicht déi dir gutt gefält, maach eng Kopie a pech se dann op e faarwegt DINA4 Blat. A maach se an Tut.
- Du hues villäicht e gutt Rezept fir Kichelcher ze baken oder huel e klengt Stéck Schockela fir an deng Tut.
- Dann lee nach en Téisäckelchen dran.
- Schreif op d'Récksäit vun der Tut folgend Gebrauchsweisung!!
- Dës Tut kanns du dann verschenken.



« Je fais le rêve, qu'un jour les hommes,  
se leveront et comprendront enfin,  
qu'ils sont faits pour vivre ensemble comme des frères.

Je fais le rêve, qu'un jour,  
chaque homme différent dans le monde entier,  
sera jugé pour sa valeur personnelle,  
non sur la couleur de sa peau ou de son appartenance religieuse  
et que les hommes respecteront  
la dignité de la personne humaine...  
Ce serait merveilleux !

Les étoiles pourront enfin chanter ensemble ! »

Martin Luther King



## Du brauchs:

- Eng wäiss Tut aus Pabeier
- Eng kuerz Geschicht déi dir gutt gefält, villäicht och eng déi bei Chrëschttag passt.
- E puer selwer gebaakte Kichelcher oder Schockela
- En Téisäckelchen
- Een Tëilliicht,
- Faarwen

## Eng Geschicht fir an d'Tut

### Gleichberechtigung

In einem Satz wohnten zu einer bestimmten Zeit einige Wörter, ganz so, wie etwa Menschen in einer Straße wohnen. Ich erinnere mich noch genau an den Satz: „Bei uns herrscht Frieden.“

Es war ein wunderbarer Satz und jedes Wort war glücklich, dass es zu dem ganzen Satz beitragen konnte. Sie bildeten eine richtige Gemeinschaft. Eines Tages kamen zwei neue Wörter; sie kamen von weit her und hießen „for ever“. „Igtittigitt“, sagten die Einheimischen, „das sind ja fremde Wörter“. Sie taten sich zusammen und versuchten den beiden klar zu machen, dass sie hier nichts zu suchen hätten. Und während sie scheinheilig argumentierten und dabei ihre Plätze verließen, huschten andere Wörter an ihre Stelle: In die Wohnung von „Bei“ zogen „Gegen“, in das Appartement von „uns“ zog „alle“, in das Zimmer von „herrscht“ zog sein Großvater „wütet“, und in das Haus von „Frieden“ hielt „Hass“ Einzug. Ehe sich die Einheimischen richtig besinnen konnten, war aus ihrer Satzstraße eine fürchterliche Fratze geworden: „Gegen alle wütet Hass.“

Da weinten sie und erkannten, wie schön es gewesen wäre, wenn sie die Fremdwörter aufgenommen hätten: „Bei uns herrscht Frieden, for ever!“

# Roségekichelcher

Eng Iddi fir d'Frëndschaftstut

## Du brauchs fir 50 Kichelcher :

- Fir den Deeg:  
125 gr Botter,  
125 gr Zocker,  
2 Eeër,  
250 gr Miel,  
100 gr Roséngen,  
Rumaroma (puer Drëpsen),  
1 Prise gemuelen Neelcheskäpp,  
Fir d'Glasur: 150 gr Pudderzocker  
an 2 EL Zitrounejus

De Botter, den Zocker an d'Eeër gi mam Mixer esou laang gerouert, ( ongeféier 5' min.) bis eng wäiss cremeg Mass entsteet. D'Miel gëtt ennergeréiert an zum Schluss ginn d'Roséngen, de Rumaroma a gemuelen Neelcheskäpp drénnergemécht.

Op e Bakblech gëtt Bakpabeier geluecht. Mat engem Kaffisläffelche gëtt den Deeg a Form vu klenge Fläppercher op dem Bakblech verdeelt, net ze no beieenen, well den Deeg leeft auserneen.

Am virgehätzten Uewen bäi 200 Grad 6-7 Minutte baken.

Den Zitrounejus mam Pudderzocker verréieren an dann déi waarm Kichelcher domat besträchen.



# En Elch aus enger Bamscheif

Eng Iddi fir de Chrëschtmaart

## Material :

- 1 Holzscheif
- 2 dünn Äscht
- 1 roude Pompom
- 1 waasserfeste Bic
- 1 Pechpistoul oder Bastelkleber
- 1 Buermaschinn



### 1.Schrëtt :

Mir bueren 2 Lächer uewen an d'Holzschweif.

### 2.Schrëtt :

Mir pechen mat der Pechpistoul déi 2 Äscht an déi 2 Lächer.

### 3.Schrëtt :

Mir pechen de roude Pompom an d'Mëtt vun der Scheif.

### 4.Schrëtt :

Mir molen mam waasserfeste Bic de Mond an d'Aan.



# Kachen um Feier

Bananekuch aus der Pan

## Wat brauchen ech?

- Aus all dese Saachen een Deeg maachen den een dann an eng Pan schëtt.
- Banannen zerquetschen an eng handvoll Miel drënner mëschen. Gutt réieren.
- E puer Löffelen Zucker nom Goût drënner mëschen.
- E bëssen Ueleg derbäi schëdden an rëm gutt vermëschen.
- 1 bis 2 Eeër an den Deeg maachen, am beschten ouni Schuel.
- Mat 1 Pouz Salz an enger Pouz Kanéil nom Goût wierzen.
- Pan afetten an den Deeg dran schëdden.
- De Kuch um Féier baken. Deemno wéi grouss d'Feier ass am beschten op engem Grill.
- Wann en ongeféier sou wéi op der Foto ausgesäit, soll een de Kuch an engem spektakulären Manöver dréinen. Fir en op der anerer Säit ganz kuerz ze baken.

- 2 Banannen (am beschten schonn bëssen méi zeideg)
- 1 handvoll Miel
- E puer Löffelen Zucker
- E bësse Botter oder Ueleg
- 1-2 Eeër
- 1 Pouz Salz
- 1 Pouz Kanéil
- Ueleg oder Margarine fir an de Pan

LOOST IECH EN SCHMAACHEN! Är Avex-Ekipp



# Nuetsspiller

Täschluuchtschluecht, Fändelspill,  
Nuetsfänkjes, Liichtbowling

## Täschluuchtschluecht

Dës Spill gëtt am Bësch gespillt. D'Spillefeld muss virdu markéiert ginn. Dir brauch dofir fir all Spiller eng Täscheluucht a Pechpabeier. All Spiller kritt 5 Sträifen vum Pechpabeier vu 15-20 cm. Virum Spill gëtt festgeluecht, wéi laang d'Spill dauert.

Esou geet et:

D'Spiller verdeelen sech um Spillefeld, hei muss een oppassen, datt keen iwwert d'Markéierung geet. Op ee Zeechen fänkt d'Spill un. Spiller dierfen sech um Spillefeld fräi bewegen, si versichen déi aner Matspiller ze fannen an si mat der Täscheluucht ze beliichten. De Spiller, den ofgeliicht gëtt muss dem anren ee Sträifen ofginn. Während der lwwergab dierf keen vun den zwee ofgeliicht ginn. Nom Oflaf der Zäit sammeln sech d'Spiller an ginn d'Sträife gezielt, de Spiller, den d'meescht Sträifen huet, huet gewonnen.

## Fändelspill

Dës Spill gëtt am Bësch gespillt. D'Spillefeld muss virdu markéiert ginn. Dir brauch zwee Fändelen a Ficelle, déi an 50-60 cm laang Stécker (Liwensfuedem) geschnidden gëtt. Virum Spill gëtt och festgeluecht, wéi laang d'Spill dauert.

All Spiller kritt am Ufank e Stéck Ficelle, déi een entweder um Aarm bënnt oder an d'Box stécht, esou dass een liicht erauszéie kann.

Virum Spill ginn d'Spiller an zwou Gruppe opgedeelt, an der Mëtt vum Spillefeld gëtt en Zentral agericht, wou zwee Leit bleiwe sollen, si sinn d'Liwensretter.

Déi zwou Gruppen ginn an entgegengesetz Riichtungen a sichen fir hir Quartier eng Plaz. De Quartier gëtt mat Äscht, Steng asw. markéiert an si stellen hire Fändel an d'Mëtt.

Zill vum Spill ass, dem anere Grupp säi Fändel ze erueren an den eegenen ze verteidigen an esou vill Punkte sammelen, wéi geet. All Fändel

huet de Wert vun 10 Punkten an 1 Liwensfuedem 1 Punkt. Während dem Spill kënnen d'Spiller engem anerem säi Liwensfuedem klauen. Wann engem de Liwensfuedem geklaut ginn ass, muss hien zrëck an de Zenral an neie siche goen. Déi Mannschaft, déi d'meescht Punkte gesammelt huet, huet gewonnen.

## Liichtbowling

Fir de Liichtbowling brauchts du:

9 PET Flaschen

Lightsticks pro Flasche 2 Stéck

Fuussball oder änliches, muss genuch schwéier sinn, fir d'gefëllt Fläschen ëmzegehäien


Pabeier, fir d'Resultater opzeschreiwen

Esou geet et:

Liichtbowling kann een dobaussen op enger riichter Fläch oder an engem Gebäi mat grousem Raum, den een richteg däischter gemaach ka ginn, spillen.

Du fëlls d'Fläsche mat Waasser a lees jeweils 2 geknickt Lightsticks eran. D'Fläsche ginn, wéi am Bowling an engem Dreieck opgestallt oder du kanns eng aner Form probéieren.

Beim Bowlen kënnt d'Reglen vum Bowling follegen (fënnt een am Internet) oder selwer Regeln opstellen.



## Foulard Fänkjes

Nuetsspill vum Carapio-STIP 2016

Oflaf vum Spill an d'Regelen:

Spillefeld: D'Spillefeld ass eng grouss Wiss, innerhalb vum Feld muss een eng Sammelplatz bestëmmen. D'Spillefeld gëtt am beschten ofgesperrt respektiv markéiert, wéi och d'Sammelplatz.

D'Spiller kréien en Ziedel ausgedeelt mat hirem Numm (erfonnt) an 2 weideren Nimm, déi se ze fänken hunn. Se sollen hiren Ziedel ukucken an näicht verroden, wat drop steet.

Eis Nimm um STIP waren: smarti, smarto, smarte, smarta, smartu, smartü, smartä, smartö, smart's, smarty, smartz an smarté.

Den Foulard muss hannen an d'Box gestach ginn, sou dass een en erauszéien kann.

Den éischten, den en Foulard erwëscht, dierf den Numm froen, den muss buschtawéiert ginn.

Wann een gefaangen gëtt, geet zesumme mat deem, den hie gefaangen huet, bei d'Sammelplatz.

Während dem Gafaangentransport kann de Fänker ofgeklappt ginn a säi Gefaangenen ass erëm fräi.

Wann de Gefaangene bis op d'Sammelplatz ukënnt, muss hien waarden. Hien dierf allerdéngs vun egal wéi engem anere Matspiller fräi geklappt ginn, an ass dann erëm fräi.

Gewonnen huet den, den 2 Gefaangenen op der Sammelplatz huet. Bei der Sammelplatz läit eng Paiff, do gëtt 1 mol gepaff fir den Ufank vum Spill unzekënnegen an 2 mol gepaff fir den Schluss vum Spill unzekënnegen.

Et soll een net bei der Sammelplatz lungeren.

Et soll een och net duerch d'Sammelplatz lafen.

Ziedelen dierfen net getosch ginn an d'Spillefeld net iwwerschritt ginn.

Material:

Foularden

Paiff

Ofsperrband

Ziedelen

Carapio Stipisten



# Scouts welcome Refugees

E Projet vun LGS a FNEL



De Metti Schmit stellt de gemeinsame Projet: Welcome Refugees op der Journée Respect vum SNJ vir. 8. Oktober 2016

“Scouts Welcome Refugees” ass e Projet deen zesumme mat der FNEL 2016 an d' Welt geruff gouf. Béd Verbänn waren sech eens, dass d' Scouten eng wichteg Roll dobäi spillen, wann et ëm d' Integratioun vu jonke Flüchtlinge geet. Bei de Scoute kann een zesumme flott Aktivitéite maachen a Spaass hunn, doduerch gëtt den interkulturellen Austausch gefuerdert an dat géigesäiteg Versteedsmech gestärkt. D'Scoute bidden awer och eng Chance fir d'lëtzebuergesch Sprooch méi liicht z'erléieren, well déi jonk Flüchtlingen sech bei eis an engem ongezwongene Fräizäitkader befannen.

Et gi schonn eng Rei LGS-Gruppen déi aktiv mat Flüchtlingen zesummeschaffen, respektiv och an hirem Grupp integréiert hunn. Mir sinn eis awer bewusst, dass de Kontakt zu de Refugeeën net ëmmer esou einfach ass, well et eng Rei Barrière ginn. Aus dësem Grond gouf de Projet “Scouts Welcome Refugees” och an d' Welt geruff, fir eise Gruppen d'Zesummenaarbecht mat de Flüchtlingen ze vereinfachen. Mat der FNEL zesummen, hu mir gekuckt wat méiglech Hindernisser wieren a wéi een déi gemeinsam iwwerwonne kann.

Mir hunn eis mam OLAI (Office Luxembourgeois de l'Accueil et de l'Intégration) zesummesat, fir dass si eis soe kënnen wéi eng Foyeren et all ginn a mat wéi engen een zesummeschaffe kann. Mir hunn Info-Flyeren a Posteren a verschidde Sproochen drécke gelooss, déi och vum OLAI an den entsprechenden Haiser verdeelt ginn.

Parallel dozou, gouf dëse Projet awer och bei de Oeuvre Nationale de Secours Grand-Duchesse Charlotte eragereecht, fir eng finanziell Ënerstëtzung unzefroen. De “Scouts Welcome Refugees” ass ee vun 80 Projeten déi am Kader vun der Initiative “mateneen” gefërdert ginn. (Hei fannt dir all déi flott Projeten: <http://www.oeuvre.lu/initiatives/mateneen/>)

## Wéi kënnt dir als Grupp elo vun där finanzieller Hëllef profitéieren?

Wann dir als Grupp e Projet oder eng Aktivitéit mat Flüchtlingen organiséiert kënnt dir är Rechnungen duerno an der Géisserei erareche fir rembourséiert ze ginn. Falls dir net sécher sidd, ob dat wat dir geplangt hutt an de Kader passt, frot beim Cathy an der Géisserei no. Et ass natierlech wichteg, dass et sech ëm Scoutsaktivitéiten handelt. Dës finanziell Hëllef gëllt natierlech och wann dir Flüchtlingen am Grupp opgehall hutt.

Wat ka finanzéiert ginn:

Scoutsmaterial: Schlofsäck, Uniform, Rucksak,...

Iwweruechtungen

Participatioun Camp/WE/National Aktivitéiten

Käschte vun enger Aktivitéit (Bsp: Kayak, Entréesticketen, lessen,...)

Transport

Denkt drun, dass d'Flüchtlingen net iwwer déi national Grenzen eraus dierfe goen.

Wann dir d' Méiglechkeet hutt är Aktivitéit iwwer Fundraising ze garantéieren, ass dat natierlech ëmsou besser ☺  
Mir sinn och frou, wann dir eis flott Fotoe vun ären Aktivitéite mat Flüchtlingen an eis eng kleng Beschriewung mat eraschéckt, vun deem wat dir gemaach hutt.

## Wéi geet et weider mam Projet?

En offizielle Lancement vum Projet ass zesumme mat der FNEL geplangt. Dëst soll eng Aart Rallye ginn. D' Zil dovunner soll sinn a gemëschte Gruppe mat de Flüchtlingen zesummen, iwwer eng gewëssen Distanz Teambuilding-Spiller ze maachen an den interkulturellen Echange ze féerden.


Weider Detailer kritt dir esou bal mir mat der Planung fäerdeg sinn ☺

## Froen an Umierkungen

Falls dir Flüchtlingen als Member an ärem Grupp ugemellt hutt oder wëllt umelle, gitt eis onbedéngt d' Lëscht mat de Nimm eran, si brauchen zwar keng Cotisatioun ze bezuelen, mussen awer wéi all aner Member och am Membersfichier agedroe sinn. Falls dir en Iwwersetzer, Hëllef beim Kontakt, Flyere/Postere braucht oder eng Fro zu dësem Projet hutt mell itech beim Cathy:

Email: [cathy.kirsch@lgs.lu](mailto:cathy.kirsch@lgs.lu)

Telefon: 26948426



Grupp Arche de Noé



Grupp Sainte Baarbe Déifferdeng



Grupp Arche de Noé



Grupp Saint Baarbe Déifferdeng



Grupp Arche de Noé



Guiden a Scouten Ettelbréck



Guiden a Scouten Ettelbréck



Grupp Immaculée Lampertsberg



Grupp Saint Benoît Klierf



Guiden a Scouten Ettelbréck

# JAPPOO am Senegal

Info zum Projekt von der ONGD

## Info zu Eisen Projekten: JAPPOO am Senegal

Support von de Schoulen zu Mboro,  
Darou Khoudoss an Taïba Ndiaye

Mat Hëllef vum Partner Jeunesse et Développement (JED) ennerstëtzt d'ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt de Projet JAPPOO am Senegal. D'Kanner kréien d'Méiglechkeet weider an d'Schoul ze goen, si profitéieren vum engem ausserschouleschen edukative Suivi, d'Qualitéit vum Enseignement gëtt verbessert an d'Eltere gi fir d'Wichtigkeet vun der Schoul sensibiliséiert.

Donieft ennerstëtzt mer hei de Radio communautaire „Niayes FM“, deen d'lokal Bevëlkerung iwwer verschidden Themen an de Beräicher Educatioun an Entwécklung vun der Gemeinschaft informéiert.

Tëscht 2015-2017 gi folgend Aktivitéiten ëmgesat:

Verdeele vu Schoulmaterial un defavoriséiert Kanner

Baue vun Toiletten, Uleeë vu Gäert an Uplanzen vu Beem bei de Schoulen

Ariichte vu 6 Informatikssäll

Kanner fir d'Liese begeeschten duerch: d'Schafe vun enger mobiller Bibliothék,

Organiséiere vun 12 Campe pro Joer fir 100 Kanner zum Thema „Liesen“

Abanne vun de Schüler an d'Schoulverwaltung

Zesummenaarbecht tëscht dem Radio „Niayes FM“ an de Schoulen, zum Beispill duerch d'Abannen vun de Schüler an d'Gestaltung vun de Sendungen

## Wat maache mir Doheim?

Als ONG vun de Guiden a Scouten maache mir Aktivitéiten am Beräich vun der Entwécklungserzéiung mam Verband vun de Guiden a Scouten. An der Entwécklungserzéiung gin de Kanner, de Jonken an de Cheffen vun den LGS Erkenntnisser, Begeeschterung an d'Erliewen vun internationaler Solidaritéit vermëttelt, dat ganz am Kontext vun der Arbecht vun der ONGD am Senegal, am Niger an a Bolivien.

## Bass Du Guide, Scout oder Cheff, tëschtent 19-29 Joer? Hues Du Interessé un der Entwécklungshëllef?

D'ONG ass op der Sich no engem motivéierten Guide oder Scout fir an eisem Team mat ze schaffen an eis Aarbecht un déi lokal Gruppen erun ze bréngen. Bass du interesséiert un engem Volontariat Civique bei eis an trëfft den Profil op dech zou? Hues du Zäit a Loscht? Da mëll dech! Kandidaturen mat CV an Motivatiounsschreiwees um [contact@ongd-lgs.lu](mailto:contact@ongd-lgs.lu). Wann s Du virdrun nach Froen hues, schreif eis einfach eng Email. Méi Informatioun iwwert den Service Volontaire Civique um Site vum SNJ: <http://volontaires.lu/svc> Fir méi iwwert eis Aarbecht, Projeten a Partner gewuer ze ginn: <http://ongd.lgs.lu/>



ONGD  
Guiden a Scouten  
fir ENG Welt



Workshop um Tronc Commun



What we do

# World Thinking Day 2017

Celebrate and grow on 22 February with Girl Guides and Girl Scouts from around the world!

## Zesummen fir eng besser Welt

Den „World Thinking Day“ ass den Dag, wou déi ganz Welt de Gebuertsdag vum Olave a vum Robert Baden-Powell feiert. Et ass en Dag vun der internationaler Frëndschaft, vun der Verbonnenheet a vun der Solidaritéit.

Dëst Joer steet de „World Thinking Day“ ënnert dem Thema „GROW“ (Wuesen). Et gëtt kee bessert Symbol, fir Frëndschaft ewéi ee Bam. Wéi Frëndschaft, wiisst de Bam no an no a gëtt ëmmer méi staark.



## Maach mat bei der Postkartenaktioun

Dës Aktioun fënns du op [www.thinkingday.de](http://www.thinkingday.de), hei kanns du dech umellen, mee fir sécher ze sinn, dass och jiddereen eng Kaart kritt, wär et gutt, wann deng Cheffen och matmaachen.

Ee Flyer mat weideren Infos kënnst am Chef-Newsletter no. Mol, bastel oder gestalt mat dengem Grupp Postkarte mam Thema Frëndschaft, Verbonnenheet a Solidaritéit. Mell dech bis den Enn Januar op der Säit [www.thinkingday.de](http://www.thinkingday.de) un, fir dass du deng Kontaktperson, un déi deng Kaart schécke solls, matgedeelt kriss. Nodeems kriss och du eng Postkaart vun engem Scout aus der Welt geschéckt.

Bei weideren Froen, zéck net a mell dech oder däi Grupp op [ic.waggs@lgs.lu](mailto:ic.waggs@lgs.lu)

Thinking Day 2017

Abwesend/Abwesende: \_\_\_\_\_ Empfänger/Empfänger: \_\_\_\_\_

Name, Vorname: \_\_\_\_\_

Straße: \_\_\_\_\_

PLZ, Ort, Land: \_\_\_\_\_

Alter, Verband: \_\_\_\_\_

rdp

Mir déi Lëtzebuerger Guiden a Scouten huelen och un dëser Aktioun deel. Mir wëllen fir dësen Thinking Day zesummen ee Bam planzen. Mat Spill a Spaass siche mir eise Som vun der Verännerung, fir eng besser Welt ze gestalten. Du kanns mat denger Trupp fir d'Aktioun och eppes ënnerehuelen an de **Thinking-Day Badge** kréien. Wéi dat geet gëss du hei gewuer:

**LOKAL** an dengem Grupp gitt no dëser Checklëscht vir:

-Deel d'Freed! Invitéier eng net-Scout-Grupp (zB Pingpong Club, Musekschoul, Maison de relais ..) an deng Versammlung.

-Maacht Kenneléier-Spiller a soss Spiller zum Thema Solidaritéit.

-Ee Bild ass dausend Wieder wäert! Stellt Biller vun iech déi äert Scoutslieren reflektéieren während der Versammlung aus!

-Loosst iech vun ären Chef erklären wéi ee sech bei den LGS umellt a leet är Umeldungsformularen eraus!

-Planzt ee Bam zesummen.

Net vergiessen, Fotoen ze maachen an mat #WTD2017 #LetsGrow um Facebook oder Twitter ze sharen oder op [www.worldthinkingday.org](http://www.worldthinkingday.org)

eroplueden (Een klengen Reminder un d'Chef dass dir eng Genehmigung vun den Elteren braucht fir Fotoen vun aeren Kanner online ze setzen).

Op dëser Internetsäit kënnst dir dann och gesinn, wéi weltwäit den Dag geféiert gëtt an deenen aneren hir Fotoe kucken.

**NATIONAL** kanns de den 22.02.2017 mat dengem Grupp zesummen um Neihaischen beim Keltenhaus déi Checklëscht duerchgoen a mat Spill an Spaass ee Bam planzen kommen.

Däi Chef kann äre Grupp bis Ufank Februar op [ic.waggs@lgs.lu](mailto:ic.waggs@lgs.lu) dofir umellen a Badger an der Géisseréi sichen kommen.



# Chefdag 2016

25. September zu Diddeleng

De Chefdag 2016 zu Diddeleng stoung ganz am Zeechen vum GoUrban. Ronn 480 Chef hu sech informéiert iwwer de Camp um Kierchbiereg. Heimat soe mir villmools Merci dem Grupp Saint Jean fir hir Gastfrëndschaft an déi super Organisatioun!

It's gonna be  
Legendary

Scouten  
Jean  
g  
© Künsch  
1916-2016  
100 Joer

Lëtzebuerges Guiden a Scouten  
Grupp St Jean  
Diddeleng  
© Künsch  
1916-2016  
100 Joer

# Gutt ënnerwee!



Informatioun a Reservatioun  
Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locationen  
☎ (+352) 26 65 11  
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)  
[www.sales-lentz.lu](http://www.sales-lentz.lu)

 **Sales-Lentz**  
moving people

# Tronc commun 2016

Chefformatioun

Ronn 110 motivéiert Kandidaten,  
en engagéierte STAFF,  
leckert lessen,  
gutt Wieder a  
best Stëmmung!  
Nächst Joer hoffentlech mat Dir!



# World Scout Youth Forum

Jonke Delegéiertert gesiicht



Matbestëmmung, WOSM, jonken Delegierte fir Lëtzebuerg sinn, internationalen Scoutismus, ... alles Sujeten, déi dech interesséieren?

Da bidde mir dir d' Méiglechkeet d'LGS als Verrieder vu Scouting in Luxembourg um World Scout Youth Forum am Azerbaïdjan ze representéieren. Lëtzebuerg huet do 4 Delegéiert vum LGS a FNEL zesummen.

Dësen ass vum 7. bis den 10. August zu Gabala am Azerbaïdjan. Dono ass ee kuerze Scoutscamp fir Land a Leit kënnen ze léieren an dann Weltkonferenz zu Baku vum 14 bis den 18 August, een vun den LGS Participanten kann och do als jonken Delegéierten mat derbäi sinn.

Wat ass ee World Scout Youth Forum? Ee Forum vun ville jonke Scouten aus bal alle Länner vun der Welt, déi iwwer déi international Sujeten bei Scouten, am Benevolat a generell zur Jugend diskutéieren an konkret Proposen ausschaffen, déi dono als "Recommendation" un de Weltscoutkomitee gewielt ginn. Ausserdeem gi 6 Youth Advisors gewielt déi dono mat am Weltscoutkomitee als Stëmm vun de Jonke setzen. Nieft de méi eeschte Momenter ass och ganz vill flotte Scoutsprogramm, internationalen Echange, laang a flott Owender a Visitten.

Fir a Fro ze kommen muss du während dem World Scout Youth Forum tëscht 18 an 25 (inclus) Joer al sin, gutt Englesch verstoen a schwätzen kennen a motivéiert sinn. D'LGS couvréieren all d'Käschte vun dëser Participatioun.

Wanns du Loscht op dess spannend Aufgab hues, vill néi Scoutsfrënn aus dem Ausland wëlls maachen, dann mell dech bis spëtstens den 31. Dezember 2016 mat engem kuerze Mail (Foto vun dir, kuerzen Text wat dech motivéiert mat ze goen, d'äi Grupp, deng LGS Erfahrung, deng international Scoutserfahrung) op [ic.wosm@lgs.lu](mailto:ic.wosm@lgs.lu).

Mir beäntweren der natierlech och gär am Virfeld deng Froen oder kuck op <http://wsc2017.az>



## Memberskaart 2017

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

5, rue Munchen-Tesch  
L-2173 Lëtzebuerg  
T.: 26 94 84  
info@lgs.lu  
www.lgs.lu



Deng Memberskaart fir d'Joer 2016

Wann s de deng Memberskaart an der Libo weis, kriss du 10 % Rabatt op de Präis. Profitéier vun dëser Offer!



# LIBO

LIBRAIRIE. PAPETERIE

[www.libo.lu](http://www.libo.lu)



Mérite Jeunesse goes



Du bass am Mérite Jeunesse Lëtzebuerg ageschriwwen !  
Du schaffs un dengem GOLD-Level !  
Du schaffs un denge Beräicher BENEVOLAT, TALENTS et COMPETENCES, SPORT an EXPEDITION !  
Du weess nach nët wou a wéi s de de Beräich RESIDENTIAL PROJECT solls ofdecken !

Da komm op eise GoUrban an hëllef datt dëse Camp nach besser gëtt.  
Jonker, déi am GOLD-LEVEL vum Mérite Jeunesse Lëtzebuerg ageschriwwen sinn, kënnen vun dësem Camp profitéieren fir hire „Residential Project“ um Camp ze maachen.  
Du bass schonn a enger ServiceEquipe vum GoUrban ?  
Wann nët da mell dëch, mir fanne schonn eng Plaz wou s de gebraucht gëss .

ResidentialProject Umeldung oder weider Infoe  
beim Georges Faber op [merite@lgs.lu](mailto:merite@lgs.lu).



## Save the date!

12. Januar Neijoschpatt an der Géisserei	28. Januar Administrativen Dag (Form.)	3.-5. Februar Wëllefchers- STIP
11.-12. Februar PS Formatioun	22. Februar Thinking Day	5. Mäerz Buergsonndeg
28.-29. Mäerz Gruppechef formatioun	07.-10. Abrëll Avex-STIP	6. Mee Kanu Dag Mariendall



## Impressum

LGS Zeitung- N°1, 2016/2017  
Zäitschrëft vun de Lëtzebuenger Guiden a Scouten, kënn 3 mol am Joer eraus.  
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :  
Zeitungsekipp, Branchenekippen, d'Team, Verbandssekretariat&Safab, PR-Ekipp, lokal Gruppen  
Fotou : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp  
*E grouse Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn !*  
Editeur :  
Lëtzebuenger Guiden a Scouten  
5, rue München-Tesch  
L-2173 Luxembourg  
[www.lgs.lu](http://www.lgs.lu)  
Contact : [platteknuet@lgs.lu](mailto:platteknuet@lgs.lu)  
Dréckerei :  
Print Solutions  
Gedrëckt op 100% recycléierte Pabeier  
Oplo : 5500 Stéck

Exp.: Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Luxembourg  
Port payé  
P/S.400

[www.lgs.lu](http://www.lgs.lu)